1-2020-O-71-6009-01 (n° 3289)

PIRATEN

SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

PL 7683

Lëtzebuerg, den 29/10/2020

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

dass d'Gesondheetsministesch den 23.10.2020 an enger Pressekonferenz gesot huet, dass eng "Beschränkung op dat Wesentlecht" virum Hannergrond vun de steigenden COVID-19-Infektiounszuele elo wichteg wier;

dass de Premierminister an der Pressekonferenz vum 23.10.2020 betount huet, dass d'"Interaktioun tëschent de Leit muss esou kleng wéi méiglech bleiwen";

dass vill Leit besuergt sinn ëm hier Gesondheet an ëm déi vun hire Léifsten an dofir hier Deplacementer a Kontakter aschränken, fir esou zu enger Baisse vum Infektiounstaux bäizedroen;

dass vill Independanten ëmmer nach schwéier mat de Konsequenze vum Lockdown ze kämpfen hunn, an duerch déi rezent Demande säitens der Regierung, sech op dat Wesentlecht ze beschränken, elo nach emol riskéiere wärend mindestens engem Mount manner Clienten an/oder Opträg ze hunn;

dass d'Regierung sech am Koalitiounaccord d'Ziel gesat huet, "Menschen, die von Armut und sozialer Ausgrenzung bedroht sind, mit den erforderlichen Ressourcen auszustatten, damit sie in vollem Umfang am wirtschaftlichen, sozialen und kulturellen Leben teilnehmen können;

dass d'Demandë fir de Chômage partiell fir de Mount November hu misste bis den 12. Oktober 2020 agereecht ginn.

dass den 12. Oktober 2020 nach net gewosst war, dass Enn dës Mounts géifen nei COVID-Mesurë gëllen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

Den Delai fir d'Areeche vun der Demande fir de Chômage partiell fir de Mount November bis op den 12. November ze verlängeren.

CLEMENT Sven

www.piraten.lu